Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6417 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Myriam Cecchetti an Nathalie Oberweis schreift den Här Logementsminister, datt vun 2023 u keng Baugeneemegunge méi fir Logementer ausgestallt ginn, déi mat Gas hëtzen. An der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek war de 27. September 2022 souguer ze liesen, datt vum 1. Januar 2023 un iwwerhaapt keng Geneemegunge fir Heizungen op Basis vu fossille Brennstoffer ausgestallt ginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Fro stellen:

1) Verfügen d'Proprietairë vun engem Bestandsbau dee mat fossillen Energie gehëtzt gëtt weiderhin iwwert déi rechtlech Méiglechkeet dës Anlagen ze erneieren, wann eng Ëmstellung op aner Energieformen technesch net méiglech oder net gewënscht ass?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten